

Schaff mat Naturmaterialien

Et ass am Moment weiderhi wichteg sech ze beweegen an genuch frësch Loft ze kréien. D'Natur kann der nei Kraaft an Energie gi fir all deng flott Iddien ëmzesetzen.

Dofir sollt der des Woch am HomeScouting eraus an d'Natur goen a mat Naturmaterialie flott Saache bastele – mat der Natur a fir d'Natur.

E Kranz aus Spackelter

Et geet erëm ëm d'Villercher. An den Dierfer a Stied, wou manner Beem an Hecke stinn, fannen eis kleng Frënn manner z'iessen an dëst zemools, wann et dobausse fréiert.

Spackelter ass eng flott Ofwiesslung fir d'Villercher a mat dëser klenger Bastel kënnt dir eppes Guddes maachen, eng kleng BA fir d'Déieren, an zousätzlech nach Deko fir an de Gaart oder op d'Dier.

Pass just op, dass wann s du de Spackelter sammele gees : Looss den Déieren aus der Géigend och Friichten iwwreg, an esou der Heck d'Méiglechkeet als natierlech Fudderquell wieder ze bestoen.

Villercher déi besonnesch gären, méi mëllt Fudder iesse sinn: D'Rotkehlen, den Zaunkönig, d'Märel an de Stär.

<u>Du brauchs:</u>

- Drot

- Spackelter

- Eng Nol oder en Zännstocher

- e flotte Putsch oder Änleches als Dekoratioun

Pick elo de Spackelter an der Mëtt duerch an Hänk en un en Drot. Deen kanns du duerno als Krees, Véiereck, Dräieck oder souguer als Häerz un deng Dier, deng Heck, däi Bam oder däi Balcon hänken.

De Villercher e gudden Appetit an dir e grousse Merci.



En Bild mat Eecheldeckelen

Wann mer lo erëm e bësselche méi doheem sinn. Ass et dach flott, eist Doheem nach méi schéin ze maachen. D'Beem hunn bal all hier Blieder verluer an och d'Friichte maachen sech raren op den heemesche Beem.

Elo kanns du dech op de Wee maachen an d'Deckelen oder d'Hitt vun den Eechele sammele goen. Domadder hëls du och kengem Quaichlek säin Iesse fort, mee kanns awer kreativ ginn.

<u>Du brauchs:</u>

- Eecheldeckelen

- Päsch oder eng Peschpistoul mat Päsch

- e wäisst Blat

- e Bläistëft

- e schwaarze Stëft fir d'Kaweechelchen auszemolen

- Gedold

Mol der e grousst Kaweechelchen op e Blat an mol et mat engem decke schwaarze Bic faarweg. Esou ass de Kontrast tëschent dengen opgepechten Deckelen an dem Kaweechelchen net esou grouss.

Dann probéiers du esou no wéi méiglech di verschidden Eecheldeckelen opzepechen an esou d'Form vum Quaichlek auszefëllen.

Wosst du, dass Kaweechelcher, sech elo am Summer an Hierscht e grousse Stock un Iessreserven op verschiddene Stoppen uleeë fir dann duerch de Wanter ze kommen. Och si freeën sech awer heiansdo iwwert e Snack aus dengem Gaart. Vläicht hues du jo nach Iddien, wéis du och de Kaweechelcher iwwert de Wanter hëllefe kanns. Hei sinn Hieselnëss, Walnëss, Sonneblummekären, Wuerzelstécker oder Uebst wéi Äppelstécker besonnesch beléift. Opgepasst! Dat soll ni um Buedem leien, soss kann en hongregt Kaweechelche vun engem Déier aus der Noperschaft erschreckt ginn.



Vulleklacken aus verschiddene Materialie vun doheem

D'Villercher fannen heiansdo, wann et dobausse ganz kal ass, de Buedem gefruer ass an all d'Kären an d'Uebst scho fort sinn, näischt mi ze knabberen. Dofir ass et schéin a wichteg, dass mir eise klenge Frënn ënnert d'Flilleke gräifen.

Du brauchs:

- Kokosnossfett (oder anert Planzefett)

- Ficelle

- en Zännstocher oder eng Picknol fir Lächer

- Kären (Sonneblummekären (Geschielt oder net geschielt), Mëschungen)

- e Gefäss (eng al Taass,e Blummendëppen, eng Bakform, eng Orange, eng Kokosnossschuel...)

- en Zännstocher oder eng Picknol fir Lächer

D'Fett gëtt an engem Dëppe lues erhëtzt an d'Käre gi lues a lues drënner gemëscht, bis d'Kären all mat dem waarme Fett bedeckt sinn. Bei ze wéineg Fett, fält duerno leider alles auserneen.

Dann fëlls du deng Mëschung an däi Gefäss vun denger Wiel. Looss alles ofkillen (a kanns et souguer am Frigo kuerz fréiere loossen). Wann et kal genuch do baussen ass, kanns du et an d'Beem an der Géigend ophänke goen! D'Villercher freeën sech bestëmmt, a wann s du der ganz vill Méi gëss an et flott dekoréiers, bréngt et och nach Faarf an de Wanter.

Opgepasst: Géi deng Fudderklacke sichen, wann se eidel sinn, esou vermeits du d'Verschmotzung vun der Ëmwelt

fnel scouts & guides



Fudderstatioune fir d'Villercher aus recycléiertem Material

Wann s du schnell, ëmweltbewosst an einfach en Fudderhäische fir d'Villercher am Gaart bastele wëlls, dann ass dat hei genau dat richtegt fir dech.

Mat engem klenge Geste an engem Grëff an deng Valorlux-Tut huet du schonn alles wat's du brauchs:

- en Tetrapack-Kartong

- en Cutter oder eng Schéier

- Hëlze Bengelcher als Sëtzméiglechkeet

- eng Ficelle

- Käre fir d'Villercher

Huel deng TetraPack-Këscht a mol dir fir, wat s du ausschneide wëlls. Dann hëls du de Cutter oder d'Schéier a schneits di Deeler aus, déi als Entrée fir an däi Fudderparadäis solle genotzt ginn.

Pick een oder zwee Lächer duerch den ieweschten Deel vun denger Këscht an zéi eng Ficelle oder en Drot derduerch. Esou kanns du däi Fudderhäische bequem iwwerall ophänken.

Do drënner picks du 2 Lächer, fir den hëlzene Bengelchen ze befestegen. Dann fëlls du däin Tetrapack mat Käre.

Opgepasst: Géi deng Fudderhäisercher sichen, wann se eidel sinn, esou vermeits du d'Verschmotzung vun der Ëmwelt.

fnel scouts & guides





www.lavorettocreativi.com